
# Schwätz mat !

Sproochniveau **B1/B2** **LU**

## Egalitéit vu Mann a Fra



cc Jwh, Wikipedia Luxembourg


© Lëtzebuerger Arméi


Regierung Werner-Schaus II

Zu Lëtzebuerg kënne Fraen a Männer säit 1919 wiele goen oder sech wiele loossen. Mee an der Schoul, op rechtlechem an ekonomeschem Niveau hate Meedercher a Fraen nach joerzéngtelaang Nodeeler. Haut ass d'Situatioun anescht, och wann et nach ëmmer Problemer ginn, sou ass d'Egalitéit awer am Gesetz festgehalen. Männer a Fraen däerfen hiert Liewen no hiren eegene Virstellunge plangen.

## Interessant Joreszuelen

**1804** De *Code civil* (och *Code Napoléon*) verbitt et Fraen, ouni d'Erlaabnis vun hirem Mann schaffen ze goen oder e Kontrakt ze signéieren. Si däerfe keng Gidder kafen, verkafen oder verwalten.

**1919** Walrecht fir Männer a Fraen

**1919** éischt weiblech Deputéiert an der Chamber (Parlament)

**1937** d'Chamber stëmmt géint e Gesetz, dat gescheete Fraen en neie Mariage erlaabt

**1968** Meedercher a Jonge kënnen zesummen an d'Schoul goen (coéducation) an erhalen déi selwecht Bildung

**1969** d'Madeleine Frieden-Kinnen gëtt déi éischt Ministesch an enger Regierung

**1972** Grënnung vum Mouvement de la libération de femmes (MLF). Ëffentlech Diskussioune ronderëm weiblech Sexualitéit, eng gerecht Opdeelung vun der Aarbecht am Stot, Loungläichheet a Gewalt géint Fraen

**1972-1974** Gläichstellung vu bestuete Koppelen. Si hunn elo déi selwecht Rechter a Flichten. Bis dohin konnte bestuete Fraen z. B. kee Konto ouni hire Mann opmaachen

**1978** Recht op Ofdreiwung

**1978** Gesetz iwwert sexuell Opklärung an de Schoulen

**1979** éischt Zaldotinnen an der Lëtzebuerger Arméi

**2006** d'Egalitéit tëscht Mann a Fra gëtt an d'Constitutioun opgeholl

**2016** Gesetz iwwert d'Loungläichheet: „déi selwecht Pai fir déi selwecht Aarbecht"

**2016** D'Chamber stëmmt fir eng Geschlechterquot bei Chamberwalen (e Minimum vu 40 % Fraen op de Lëschten)

## Aufgaben

**Uerden déi 3 Fotoen enger Joreszuel zou. Lies d'Texter. Wat fir eng Kategorie passt bei wat fir eng Joreszuel? Schreif A, B, C oder D dernieft.**

A. Chamber a politesch Partizipatioun
B. Mariage a Selbstbestëmmung
C. Bildung a Beruff
D. Promotioun vun de Fraen

**Huet iech en Datum iwwerrascht? Firwat?**

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung



Fir Sprooch- a Konversatiounscoursen (ZpB 2025)

## Partneraarbecht

- Fëll fir d'éischt déi Kolonn an der Mëtt aus. Du däerfs online Infoen nosichen.
- Stell enger anerer Persoun Froen an dro dës Infoen an déi riets Kolonn an.

| Lëtzebuerg | A mengem Land | Am Land vun ... |
|---|---|---|
| **Walrecht fir jiddereen (1919)** | | |
| **Déi selwecht Schoulbildung fir jiddereen** | | |
| **Gemëschte Schoulen (1968)** | | |
| **Loungläichheet (2016)** | | |
| **Fraen am Parlament (a %): 35 % (2025)** | | |
| **Zaldotinnen dierfen all Aufgaben an der Arméi iwwerhuelen: Jo Fraenundeel: 12 % (2025)** | | |
| **Regierungscheffin *(Première ministre)*: Nee** | | |
| **Staatscheffin: Groussherzogin Marie-Adelhaid (1912-1919) & Groussherzogin Charlotte (1919-1964)** | | |

**Stellt d'Informatioune vir, déi s de beim Gespréich kritt hues.**

## Dat denken ech:

## Schwätz mat!

**Gëtt et haut Beräicher, an deenen d'Situatioun vun de Frae ka verbessert ginn?**
Bereet är Iddien a klenge Gruppe vir.
Sammelt dann zesumme Beispiller.

ZpB Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung